N°2233
Entrée le 18.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.04.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Duerch de Klimawandel wäerten d'Waasser an Europa, an och zu Lëtzebuerg, ëmmer méi knapp ginn. An enger rezenter Etüd mécht den *European Parliamentary Research Service* eng Analyse vum Waassermangel, deen an den nächste Joren op eis wäert duerkommen, grad mam Klimawandel.

Et ass wichteg, dass mir eis all haut scho preparéieren, fir verantwortungsvoll mam Waasser ëmzegoen. Proppert Waasser ass iwwerliewenswichteg. Proppert Waasser sollt an den Haushalter virun allem dofir genotzt ginn, fir konsumméiert ze ginn. Wien Drénkwaasser notzt, fir seng Schwemm ze fëllen, sollt fir de Liter och méi bezuelen, wien deen, deen seng Grondbedürfnisser deckt.

An der Äntwert op meng Fro n°1489 hat d'Regierung geschriwwen, dass si sech nach net mam Aféiere vun engem gratis Volumen un Drénkwaasser ausernee gesat hat. Am Koalitiounsaccord ass Ried vun engem harmoniséierte Waasserpräis.

Des Weideren hat den Inneminister an der Chamber am Februar 2025 erkläert, dass dat lëtzebuergescht Waassergesetz et net erlabt, fir ee gratis Volumen un Drénkwaasser ze ginn an direkt um Präis z'intervenéieren, mee dass d'Gemengen sozial Moossnahmen huele kënnen, fir dass d'Leit d'Käschten manner erdroen.

A Frankreich ginn et Gemengen, wou déi éischt Liter Drénkwaasser pro Dag gratis sinn oder ee symbolesche Präis kaschten. Ee Woxx-Artikel vun 2023 erkläert: *"In Dunkerque zum Beispiel wird für die ersten 80 Kubikmeter jährlich (etwa 220 Liter täglich) ein symbolischer Preis berechnet, danach wird es teurer."*

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Léisst déi lëtzebuergesch Gesetzgebung (notamment d'Waassergesetz vun 2008) eng sozial Staffelung vum Drénkwaasserpräis zou a kéint eng Gemeng esou eng sozial Staffelung fir d'Haushalter aféieren, wa se dat wéilt?
2. Wëll d'Regierung eng Ännerung vum Gesetz proposéieren, fir dass déi éischt Liter Drénkwaasser,

wéi a Frankreich, och kéinte gratis zur Vergügung gestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°2233
Entrée le 02.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit a vum Minister fir bannenzeg Ugeleeënheeten op d'parlamentaresch Fro n°2233 vum 18. Abréll 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Marc Goergen iwwert "Prix de l'eau potable"**

**1. Léisst déi lëtzebuergesch Gesetzgebung (notamment d'Waassergesetz vun 2008) eng sozial Staffelung vum Drénkwaasserpräis zou a kéint eng Gemeng esou eng sozial Staffelung fir d'Haushalter aféieren, wa se dat wéilt?**

Laut Artikel 12 vum Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 gëtt de Waasserpräis - esou ewéi vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn[1] gefuerdert - op Basis vum Käschtendeckungsprinzip berechent. Am Aklang mat dësem Prinzip soll sech de Waasserpräis op di reell Käschten vun der Waasserdéngschtleeschtung baséieren an de Verbraucher säin ugepasste Bäitrag zu dëse Käschten leeschten. Ee Modell, wou ee gewëssene Volume fir d'Deckung vun de Grondbedierfnesser an de järleche Fixkäschten enthalen wier, misst esou opgestallt ginn datt de Verbrauch deen iwwert déi Bedierfnisser géif erausgoen, entspriechend méi deier géif ginn, fir datt sou di reell Käschten ofgedeckt géife ginn an domadder d'Obligatiounen vun der europäescher Waasserrahmenrichtlinn respektéiert wieren. D'Ofrechnungen wieren bei sou engem Szenario och extrem kompliziéiert ze maachen, virun allem bei Residenzen, well jo misst e Lien tëschent dem Compteur an der Unzuel vu berechtegten Verbraucher, déi do drun ugeschloss sinn, gemaach ginn, fir korrekt kënnen ofzerechnen. Aus dëse Grënn gesäit d'Sozialhëllefgesetz vum 18. Dezember 2009 vir, de Leit ënnert d'Äerm ze gräifen, déi hier Drénk- an Ofwaasserrechnungen net kënne bezuelen. D'Gemengen hunn zousätzlech och d'Méiglechkeet iwwert d'Artikelen 43 a 47 vum Waassergesetz e Reglement ze huelen, fir verschidde Stéid eng *allocation de vie chère* fir d'Drénk- an Ofwaasserkäschten ze ginn.

**2. Wëll d' Regierung eng Ännerung vum Gesetz proposéieren, fir dass déi éischt Liter Drénkwaasser, wéi a Frankreich, och kéinte gratis zur Verfügung gestallt ginn?**

Den Ëmweltministère ass amgaangen eng Strategie opzestellen fir d'Drénkwaasserversuergung zu Lëtzebuerg laangfristeg ofzesécheren. Méiglech Upassungen vum Drénkwaasserpräis kéinten am Kader vun der Ëmsetzung vun der Strategie diskutéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit

[1] Directive 2000/60/CE du parlement européen et du conseil du 23 octobre 2000 établissant un cadre pour une politique communautaire dans le domaine de l'eau.